N°2251
Entrée le 03.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Sportsminister a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°2251 vum 25. Abrëll 2025 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

1. **Wéi eng konkret Mesurë gesäit de Ministère fir, fir d'Schwammfäegkeete vun de Kanner nees ze verbesseren?**

D'Wichtegkeet vum schwamme léiere läit de Ministere besonnesch um Häerz. Fir dat eis Kanner och an Zukunft schwamme léieren, ass et wichteg déi verschidden Acteuren déi hei intervenéieren ze stäerken. Am Fall vun de Kompetenze vum Sportsministère ass et dofir essenziell d'Schwammveräiner verstäerkt z'ënnerstëtze, fir dat si zukünfteg eng erweidert Schwammoffer kënne ubidden. Am Kader vun der aktuell u geduechter Reform vun der Ënnerstëtzung vun de Sportveräiner ginn déi organisationnell Kapazitéite vun de Veräiner esou gestäerkt, dat si hirer sozialer Verantwortung, an zu där zielt am Schwammen natierlech och d'Offer fir eng breet Populatioun vun 0 bis 99, gerecht kënne ginn. Op der anerer Säit wäert eng zousätzlech erweidert Schwammoffer just méiglech si wa mer genuch Schwammzäiten an eise Schwemmen zur Verfügung hunn. An dem Kontext schafft de Sportsministère aktuell schonn un engem nächste Sportinfrastrukturefinanzéierungsgesetz mam Zil d'Gemengen am Land verstäerkt beim Bau vu Sportinfrastrukturen z'ënnerstëtzen. T'ass gewosst dat de Bau, a virun allem den Ënnerhalt, vun enger Schwemm e gewësse Käschtepunkt fir eng Gemeng huet. Dëst soll allerdéngs keng Brems sinn, sou dat meng Servicer aktuell no Léisunge sichen.

2. **Wäert de Ministère d'Schwammmeeschteren an d'Veräiner beim Ausschaffe vun engem Aktiounsplang mat abannen, fir vun hirer Expertis ze profitéieren?**

Aktuell gëtt keen Aktiounsplang ausgeschafft. Wann dëst geschitt, ass et an den Ae vum Sportsminister extrem wichteg vun der Erfarung an Expertis vun de Leit um Terrain ze léieren.

3. **Wéi kann een d'Eltere méi staark sensibiliséieren, fir datt si d'Wichtegkeet vum Schwamme léiere fir hir Kanner erkennen?**

De Sportsministère wäert sech an nächster Zäit mat der Schwammfederatioun austauschen, fir zesummen eng potenziell Sensibiliséierungscampagne auszeschaffen.

4. **Ass virgesinn d'Schoulmeeschteren an der Grondschoul an an de Lycéeën am Beräich vum Schwammunterrecht besser ze forméieren?**

Duerch hir fachlech Ausbildung an duerch déi spezifesch op d'Besoine vun den Enseignanten ausgeluechte Weiderbildungsoffer vum Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) gëtt séchergestallt, datt si beschtens forméiert sinn, fir de Schwammunterrecht ze assuréieren.

**Lëtzebuerg, den 3. Juni 2025**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo